# De schwârze Pe'ter.

E leschtegt Familgesteck.

(Ve'er Bo'wen, vun allerlé Altern, 7—11 Joer, kommen op d'Bün, zwe' vu lenks an zwe' vu rechts, a sangen op d'Weis vum: Studio auf einer Reis', de Refrain schons iwert dem Erakommen: Den e'schte mat enger Tromm um Bauch an engem âle Vullekuorf um Reck. — Den 2. mat engem âle Paraple' an der Hand an enger Stränz um Réck. — Den 3. mat enger Kaffimillen an der Hand an enger Kuoleguèlp um Réck. — De 4. mat 2 âlen Dèckeln an der Hand an 3 Meisfalen um Réck. — Sie können och nach mat spatzen Tûten, Nuosschnappecher a. s. v. verrescht sin, we' Bo'wen dat mâchen, wann se an der Stuff Concert spillen. — Beim Refrain gin se ronderemer, wa jidderên seng Strof sengt, stin se an enger Rei stramm virun de Leit.)

*Mill sengt:*

Kuckt meng Tromm, sie ass nach nei! Juchheidi, juchheida!
An de Vullekuoref hei! Juchheidi, juchheida!
Eng gutt Tromm huot gur kê Lach,
An dé Kuorf ass net gebrach! Juchheidi, juchheida!
Juchheidi, juchheida! —

*Will sengt:*

Wuofir ass dé Paraple'? Juchheidi, a. s. v.
Huot dir èr gutt Stränz net me'?
Sief et drechen, sief et nâss,
Mir mecht alles neme Spâss.

*Guill sengt:*

Wann der gèr de Kaffi drenkt, juchheidi, a. s. v.
An iech kên èr Kuole brengt.
Musst der sèlwer iech beme'n,
An èr Millche leschteg dre'n.

*Jimm sengt:*

Dèckle si kamo't a fein. Juchheidi, a. s. v.
Hängt eng Zôssis am Kamein.
Musek mecht ê mat de Feischt,
Mè fir Meisfâl sin se neischt!

(Wa gesonge get, stin es alle ve'er sche' virun de Leit, beim Refrain gin s'am Gänsemarsch iwer d'Bün.)

*Mili:* Halt, d'ganz Compagnie! Repos! Lét ère Musek of a strèckt iech, mè mâcht dass kên a mei Vullekuoref kreicht!

*Will:* Hopp, eng Parti schwârze Pe'ter!

*Guill:* Schwârze Nekel! Hopp, se' mat!

*Jimm:* Ech och! Schwârze Pe'ter! Schwärze Klôs! Schwârze Nekel iwer d'Nôs!

*Will:* Hei ass meng Kärt! Nu mâcht dass kê finselech get, wie schwârze Pe'ter get, muss sech schwärze lôssen.

*All:* A natirlech! Natirlech! A net ze knapp!

*Will:* A muss bei d'Anekätt jeitze goen: «Ditt èr Hinger an, 't schle't e Wieder dran! Lôsst èr Hinger eraus, 't falen Iérzen!

*All:* Ditt èr Hinger an, 't schle't e Wieder dran! a. s. v.

*Will:* Hei ass meng Kârt. Mir sin zo' ve'er; ech huole nemen 8 Kârten, da gêt et alt me' se'er.

*All:* D'accord! (Sie ze'en.) De Jimmy huot en. — En ass beim Guill!

*Guill:* Dat ass verbuoden! Hei Will, ze'.


*Will:* Ech kann ewègléen! Hurra!

*Mili:* Et get de Guillchen!

*Guill:* Ha nên, ech hun en net me'.

*Jimm:* Jo, du huos mir en heihinne gedreckt!

*All:* Hahaha! Du därfs net soen dass du en huos!



Spielschule Neudorf.

*Mill:* Hurra! Frei! Frei!

*Guill:* Dann ze' nach eng Ke'er, Jimmy! — Hurra! Frei!

*All:* De Jimmy! de Jimmy! Hopp, gewichst!

*Will:* (En ass schons ausgesprongen a kent mat der Wichsluod.) So', mei Männchen —

*Jimm:* Nemen e besschen! —

*Will:* Ro'eg! So', nach de' Stuppniéschen, an den Zockermöndchen, an de' Kîschtebäckelcher an de' blenkeg Stîr!

*Jimmy:* (e jeitzt emmer) Genug! genug!

*Mill:* Hei nach e besschen!

*Guill:* An hei! An hei!

*Jimm:* Genug! Ää, wat de' Wichs richt!

*Will:* So', Pe'terchen!

*(Sie sangen:)*

Kuckt, de Pe'ter ass am Wix! Juchheidi, a. s. v.
Mâcht em all e sche'ne Knix!
Klätscht an d'Hänn a rufft: Hurra!
Schwarzer Peter war schnell da!

(All fort. — Eng schwârz Gestalt knte vun dèer aner Seit eran.)

*Schwârze Pe'ter:*

Ech sin de schwârze Pe'ter
A setzen an der Tâk.
Ech spille Kannerpre'ter
An hu mei gro'sse Sâck.
Duor gin se drân,
De' Schufterei män! —
Ziddre we' en Espelâf,
Schuddre, jeitzen all zo' Hâf.
Ech kucken hêmlech an all Spill,
Wèll et get dèr Fautler vill.
Hei sin der och, lo kommen se!
Vif ze' dech zreck! Ech huolen se! — (of)

(Will a Mill kommne era gestîrmt.)

*Will:* Wat wèrd d'Anekätt lauschtern! De Guill muss en och nach kreien.

*Mill:* Kanns du dat da mâchen?

*Will:* Kuck, hei ass en um Eck gezéchent!

*Mill:* Ah, du Filou do! Da wârt. Lo kommen se.

(Jimm a Guill kommen eran.)

*Mill:* Hopp, nach eng Ke'er zesummen!

*Jimm:* Ech hun es genug.

*Guill:* Ech sin nach mat.

*Will:* Dajé, mir drei: Hopp, mir ze'e sche'n der Rei no. Du Mill, dann ech, an dann de Guill. Jidderên zitt zwêmol, a wien dann de schwârze Pe'ter huot, get gewichst.

*Guill:* Dajé!

*Mill:* Ech komme jo net bei, strèck d'Nuos net so' drop, Guill!

*Guill:* Ech hun en net!

*Will:* Ech och net! Hurra!

*Mill:* Ha! 't ass de Guillchen!

*Guill:* O'! Do ass èppes net richteg! De' Klèng gi geschwärzt an de' Gro'ss gewannen!

*Will a Mill:* Nujé! Nujé! Nu lôss dech wichsen, soss gêt et: Hokus, Pokus, Mokus! an du bleiws e Neger!

*Guill:* Hä! Fautlerei! De schwârze Pe'ter war gezéchent. Hei, do am Eck! Fautler! Fautler! (lêft ronderem den Desch.)

*Will a Mill:* Da wârt, du kris de Fautler ugehâng! (se lafen em no. Du sprengt de schwârze Pe'ter eraus.)

*Schwârze Pe'ter:* Halt, dir Kanalgen!

*All:* O mei! (De Jimmy fällt op d'Kne'en.)

*Schwârze Pe'ter:* Hei ass de schwârze Pe'ter! Här dir zwe'n!

*Jimmy:* O Hèr, gudde schwârze Pe'ter, ech war et net, ech hat et mol net gesin!

*Schwârze Pe'ter:* Du bass onschelleg. De Guill do och. Mè de' zwe' Fautler hei! Hopp, fort, ech wèrd elo mat iech spillen! (Hölt se mam Krag a fort mat en!)

*Jimmy:* (zo'm Guill) Mei Gott, et war der Deiwel!

*Guill:* Ja, wat ên! A wuor ass e mat en? Mir hätte wire sollen!

*Jimm:* Ech wètten dé mecht elo richteg Neger aus en, dat gêt net me' of.

*Guill:* Wann hien en net we'h dêt, dann ass et de Fautler gutt.

*Jimm:* Wär de Papp alt hei!

*Guill:* Komm, mer lafe no!

*Jimm:* Ech net! Dat war d'Donnerwieder, dat am Anekätt seng Hinger geschloen huot!

*Guill:* Lauschter mol! Sie we'meren! En ass an der Kiche mat en!

*Jimm:* Nên, am Keller!

*Guill:* Hei, lo kommen se! Mei Gott, we' s'ausgesin! Ze' dech, Jimmy! (Se krauchen an den Eck.)

*Schwârze Pe'ter:* (E werft de' zwe'n erem eraus an et ass ê me' schwârz we' dén aneren.) Do, Fautler, an nu spillt richteg!

*Will* a *Mill:* O Will! — O Mill!

*Will:* O Mill, we' geseis du eraus!

*Mill:* Ma du bass schwârz, ech net!

*Will:* O mei! We' en Zulukaffer! Mè mech konnt en net, ech hat d'Gesîcht verstoppt!

*Mill:* Ma du bass jo ganz gewichst, du blenks jo!

*Will:* Nu so dat emol nach eng Ke'er! Du geseis jo eraus we' eng Uowepeif!

*Mill:* Ech kann net schwârz sin! Mè du! O mei, Guill, kuck we' schwârz ass dén!

*Will:* Guill, kuck dén elo!

*Guill:* Wârt Jongen, ech soen iech Beschêd! Do kuckt iech, Engelcher! Hahaha! Alles Neger! Ech elèng dé Weissen drenner! So' muss et de Schwindler goen! A Jimmy, behal dat wat ech der soen: Wann ên net gèr geschwärzt wär, muss ên d'Aen opdin — Vive de schwârze Pe'ter!

